Lëtzebuerger
# duerf
fir e chrëschtlecht a sozialt Engagement

## Geeschtlech – Laien: Meng Äntwert

Theoretesch ass d'kathoulesch Kierch méi wäit, wéi si sech konkret an der Praxis erweist. Et bleift munches vun deem ze verwierklechen, wat esou theoretesch geschriwwe gouf. Dat gëllt z.B. fir d'Verhältnis tëschent de Geeschtlechen an de Laien. Laien sinn dacks just gutt, fir Lächer ze stoppen. Et gëtt da gesot: *well sou wéineg Geeschtlech do sinn dofir...* Dëse Saz kann ech net méi héieren. Wann et nämlech dat ass, datt déi Leit, déi mer ruffen, nëmmen dierfen do sinn, well net genuch Geeschtlech do sinn, dann huele mer se net serieux. Et kann net drëm goen, Leit ze ruffen, hinnen eng Verantwortung ze ginn a se hinnen dann lergendwann erëm ofzehuelen (Mamans Catéchistes, Wortgottesdiensthelfer...). Dat ass hierarchescht Denken a Verhalen an hëlt d'Iddi vum „Vollek Gottes" net eescht. Mir mussen eis ee fir allemol vun der ‚Lückenbüßerrolle' verabschiden. Dat zielt souwuel fir d'Diakonen wéi och fir all aner engagéiert Fraen a Männer an der Kierch.

Et ass och méi eescht ze huelen, datt all gedeefte Gleeweg „des priesterlichen, prophetischen und königlichen Amtes Christi teilhaft geworden sind" (CIC, Kanon 204, § 1) an datt ënnert all Gleewegen *„eine wahre Gleichheit in ihrer Würde und Tätigkeit"* (CIC, Kanon 208) besteet.

Wann d'Daf, Kommioun a Firmung d'Fra an de Mann qualifizéieren, fir eng Verantwortung an der Kierch z'iwwerhuelen, da misst, als weidere Schrëtt, d'Vilfalt vun de kierchlechen Déngschter fir jiddereen opgemaach ginn, fir datt jiddereen, an net nëmmen d'Amtsträger, dat maache kënnen, wat d'Konzil de Memberen an der Kierch iwwerdréit, nämlech ***„Gottes Volk zu weiden und immer zu mehren"***, *Lumen Gentium* N° 18.

Ech menge mat dëse Gedanken komme mer laanscht déi onfruchtbar an demotivant Géinteniwwerstellung vu Geeschtlechen a Laien, déi sech oft an eisen Diskussioune festbäist, an sech dann a Begrëffer wéi erlaabt oder verbueden erschöpft. Wéini komme mer do an eng ganz aner Harmonie eran, déi d'Wuert vum Herrgott op eng pluralistesch, offen an fräi Aart a Weis an eist Ouer drénge léisst, nämlech esou wéi d'Schrëft an deene 4 Evangelien eis et virleet, fir datt d'Wuert vum Herrgott verkënnegt gëtt?

Leschtenends geet et also drëm, fir de Glawen ze bezeien, et geet drëm, fir d'Frou Botschaft ze verkënnegen, an d'Verantwortung dofir gëtt duerch eng Participatioun vun der Gemeinschaft gestäerkt, gespeist an do gehéiert natierlech d'Eucharistie derzou.

Wat giff dann nach fir de Geeschtleche bleiwen? Ech géif soen, datt et hei ëm eng besonnesch Missioun geet, déi doranner besteet, datt en de Ruff vum Herrgott an där Gemeinschaft, wou e lieft a wierkt, bei deene Mënschen, Fraen a Männer, Jonken an Eeleren, mierkt, entdeckt, fördert, fleegt an esou zur Eklosioun bréngt. Hien ass deen, dee Netzer spaant, hien ass deen, deen als Moderator, zesummen mat deenen aneren engagéierten an eventuell mat enger bestëmmter Aufgab beobdragte Chrëschten, derfir suergt, datt aus deene verschiddene Fiedem en Tapis gëtt, hien ass deen, dee besonnesch derfir ze suergen huet, datt d'Fiedem eben net nëmmen horizontal lafen, mä och vertikal, an datt dat Ganzt eng Form kritt, déi den Ëmstänn entsprécht, déi eng Méiglechkeet huet, grad an eiser Zäit, an deenen Ëmstänn, wou e lieft, där Botschaft vum Jesus dat néidegt Gesiicht, déi Form an dee Gehalt ze ginn, datt se vun anere Mënschen verstan, ugeholl a bejot ka ginn.



Bäi all deem ass et wichteg opzepassen, datt dat Bild, dat no bausse gedroe gëtt, net schizophren an net hypokritesch ass. Mir kënnen net op der enger Säit d'Zölibat bal als dat Wichtegst vum Geeschtleche duerstellen, an op däer anerer Säit dann awer ouni Schwieregkeete bestuete Männer aus enger anerer Konfessioun, wéi z.B. Anglikaner, als Geeschtlech eriwwer bei eis huelen, déi awer selwer weiderhi bestued bleiwen. Et ka jo da keng theologesch Ursaach sinn, datt de Mariage an d'Priisterwei net matenaner vereinbar wären, soss kënnten och déi Geeschtlech vun den unéierte Kierchen, de sougenannten Ostkierchen, wéi z.B. d'Ukrainesch Griechesch-Kathoulesch Kierch oder d'Maroniten, net bestued sinn. Dat Wichtegst am chrëschtleche Glawe kann och net d'Sexualmoral sinn. Et ka net sinn, datt all dat, wat soziaalt Engagement ugeet, net souvill Bedeitung, keng sou eng grouss Importenz huet, wéi dat, wat Sexualmoral betrëfft. Ech sinn dovun iwwerzeegt, datt grad d'Kierch a punkto Aarmut a Soziales sou Munches ze soen huet. Allerdings muss se sech konsequent sinn, an dat vun uewe no ënnen. Dat waren se net ëmmer an zu dëse Feeler musse mer stoen.

D'Kierch brauch Mënschen, déi sech engagéieren, an déi sech, jee no hiren Talenter, ganz op alle Pläng an der Kierch engagéiere kënnen. Wat mécht de Bëschof, wann e kee Vollek huet, dat am selwechte Glawen zu him steet? Dat ass esou wéi eng Lokomotiv ouni Waggonen, dat gëtt ni en Zuch. Et ass schonn eppes ganz Aussergewéinleches, datt d'Kierch ebe Fraen a Männer vun der jeeweileger Zäit brauch, fir anzegesinn, wou se hänkt, wou se net sou richteg tickt, wou se net méi mat der Zäit geet. D'Kierch war z.B. déi lescht Institutioun, déi d'Leibeigener ofgeschaaft huet, déi jo am Déngscht waren. A wéi 1848 de Viktor Schoelcher d'Sklaverei ofgeschaaft huet, do waren d'Chrëschten och net an der éischter Rei, fir dat z'approuvéieren. Denke mer och un dee berühmte Saz vum Jean Jaurès, deen den Deputéierte vun der Rechten an der Chamber zougeruff huet, mam Fanger op der Bibel: «Messieurs, vous devriez lire ce livre.» Denke mir och un d'Schwieregkeeten, déi d'Kierch huet bei der Unerkennung vun de ‚Mënscherechter'. An anere Wierder: d'Welt ronderëm eis seet eis, wat d'Exigenze sinn, déi soen der Kierch, wat se vun hier erwaarden. A wa mer déi Wierder net héieren, wa mer dee Ruff net héieren, da riichte mer vläicht en Tuerm op, wéi den Tuerm vu Babel oder wéi ech et heiansdo soen an de Priedegten, da sëtze mer gemittlech an eiser Thermosfläsch, mir si geschützt, et kënnt näischt vu baussen un eis erun an et ass gutt mockeleg dobannen a mir fillen eis wuel, mä mir hunn näischt méi mat der Welt ze dinn. An da si mer och keng Kierch méi. Da si mer och net méi déi Hief, déi eben d'Welt soll durchseieren. Da si mer net méi d'Salz vun der Äerd, da si mer net méi d'Liicht vun der Welt, da si mer nach gutt, fir erausgeworf an zertrëppelt ze ginn.

Loosse mer also tatsächlech eis Fënsteren oprappen, wéi de Johannes XXIII. dat scho gemaach huet, wéi en den II. Vatikanesche Konzil aberuff huet. Loosse mer lauschteren, wat d'Welt eis seet, loosse mer probéieren, mat deene Fraen a Männer, déi bereet sinn, als Chrëschten ze liewen, a bereet sinn, sech och an der Gemeinschaft vun de Chrëschte méi staark ze engagéieren, esou ze schaffen, datt d'Botschaft vu Christus siichtbar a fillbar gëtt. Déi gréisste Aufgab vum Geeschtleche kënnt dann doranner bestoen, d'Kräften ze bündelen an derfir ze suergen, datt un engem Strank gezu gëtt, datt en ëmmer erëm d'Frou Botschaft an Erënnerung rifft a weist, wou eist ässert Bild net mat deem iwwerteneestëmmt, wat mer am Fong geholl gleewen an ze verkënnegen hunn. Dat hunn an ze maachen op der Plaz, wou Gott e brauch a wou seng ganz perséinlech Berufung senge Méiglechkeeten a Fähegkeeten entsprécht.

***Abbé Fernand Huberty***

Jongbaueren a Jongwënzer/Landjugend 5, avenue Marie-Thérèse, L-2132 LUXEMBOURG
www.jongbaueren.lu – Tél. 44743-252 – Fax: 44743-563 – E-mail: landju@pt.lu
CCPLLULL: LU12 1111 0040 0831 0000 – Joërescotisatioun: 12€
10/2012
Oktober

*Einleitung zum Thema des diesjährigen Jungbauern- und Jungwinzertages*

# Europäische Agrarpolitik zwischen Hunger und Überfluss

## *Die sozialen und ökologischen Herausforderungen der Landwirtschaft im 21. Jahrhundert*

Während fast die Hälfte der Menschheit wegen Unter-, Über- und sonstiger Fehlernährung zum Teil gravierende gesundheitliche Schäden davonträgt, scheint die Agrarpolitik der Europäischen Gemeinschaft den Weckruf des Weltagrarberichtes bis heute nicht vernommen zu haben. „Weiter wie bisher ist keine Option" betitelten über 400 Wissenschaftler aus aller Welt ihre Bestandsaufnahme der globalen Landwirtschaft und ihrer Herausforderungen in den kommenden 50 Jahren. Sie fordern radikales Umdenken und eine schnelle Abkehr von den bisherigen Konzepten industrieller Landwirtschaft. Ohne Kleinbauern, insbesondere Bäuerinnen, eine agro-ökologische Revolution und Innovation entlang der gesamten Kette von der Urproduktion bis zum Endverbrauch drohe unser Ernährungssystem sich seiner eigenen Grundlagen zu berauben.

Wissenschaftler fordern weitgreifende Veränderungen der Art und Weise wie wir Lebensmittel produzieren und konsumieren und sprechen von einem notwendigen Paradigmenwechsel. Doch in der politischen Diskussion über die derzeit anstehende Reform der Agrarpolitik der Europäischen Union findet sich hiervon herzlich wenig. Gegen einige zaghafte Ansätze der EU-Kommission, unsere Ernährung auf etwas nachhaltigere Beine zu stellen, läuft die Mehrheit der Agrarminister und auch der Agrar-Lobby im Europäischen Parlament gegenwärtig Sturm. Dahinter steht eine beispiellose Konzentration der globalen Marktmacht transnationaler Agrar-, Handels- und Lebensmittelkonzerne.

Doch überall auf der Welt, in Stadt und Land, auch hier in Europa, nehmen Menschen ihre Lebensmittel, ihre Böden, ihre Landschaften, ihre Gärten und ihre Landwirtschaft wieder selbst in die Hand. Sie fragen was mit ihren Steuergeldern passiert. Eine Graswurzel-Revolution?

***Benedikt Haerlin***

**D'Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer**

hunn d'Éier, Iech op hire

**Jongbaueren- a Jongwënzerdag 2012**

ze invitéieren

**e Sonndeg, den 18. November 2012 am Festsall vum Lycée Technique Agricole zu Ettelbréck**

Ufank: 20:00 Auer

***Thema:***
***„Europäische Agrarpolitik zwischen Hunger und Überfluss"***

***Programm:***

1. Begréissung duerch de Jeff BOONEN, Nationalpresident vun de LJB&JW
2. Grousswuert vum Här Äerzbëschof Mgr Jean-Claude HOLLERICH
3. Referat vum Här Benedikt HAERLIN, Journalist a Koautor vum 1. Weltagrarbericht,

   zum Thema:

   **Europäische Agrarpolitik zwischen Hunger und Überfluss**

   *Die sozialen und ökologischen Herausforderungen der Landwirtschaft im 21. Jahrhundert*
4. Agrarpolitesch Stellungnahm, virgedroe vum Jean-Michel NESER, Member vum Präsidium vun de LJB&JW
5. Schlusswuert vum Här Romain SCHNEIDER, Minister fir Landwirtschaft, Wäibau an Entwécklung vum ländleche Raum
6. Éirewäin am Festsall vum LTA



**Benedikt Haerlin** leitet das Berliner Büro der Zukunftsstiftung Landwirtschaft und koordiniert Kampagnen für nachhaltige Landwirtschaft und Ernährung in Deutschland („Meine Landwirtschaft") und Europa („Good Food March"). Er hat im Aufsichtsrat des Weltagrarberichts mitgearbeitet. Davor hat er u.a. die Kampagne von Greenpeace International gegen Agro-Gentechnik geleitet und war Mitglied des Europäischen Parlaments.

**Weitere Informationen:**

*www.weltagrarbericht.de*
*www.meine-landwirtschaft.de*
*www.arc2020.eu*
*www.goodfoodmarch.eu*

*De **Grupp Zuucht** vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer invitéiert ganz häerzlech op den*

## *30. Concours du Meilleur Juge*

***e Samschdeg, den 10. November 2012 um 20:00 Auer***

*um landwirtschaftleche Betrib Mathieu Van Laar*
*64, beim Schlass, L-9774 Ischpelt (Urspelt)*

*OekoZenter Pafendall – Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer*

# Das Projekt Eiweißstrategie auf der diesjährigen Oeko-Foire

Die 25. Oeko-Foire (14.09.-16.09.2012) war für die Veranstalter Mouvement Ecologique und Oekozenter Pafendall ein voller Erfolg. Die Besucherzahlen der Oeko-Foire 2011 wurden – mit etwa 14.300 BesucherInnen – sogar leicht übertroffen. Das breite Angebot an verschiedenen Ausstellern aus unterschiedlichen Branchen, das interessierte Publikum und die festliche Atmosphäre sorgten für eine rundum gelungene Veranstaltung.

Seitens der Ökologischen Landwirtschaftsberatung des OekoZenter Pafendall und der Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer a.s.b.l. wurde das Projekt Eiweißstrategie vorgestellt. Mit einer Ölpresse konnten Besucher, zu denen auch Großherzog Henri, der delegierte Nachhaltigkeitsminister Marco Schank sowie Gesundheitsminister Mars Di Bartolomeo zählten, Sonnenblumenöl und vor allem den Sonnenblumenpresskuchen als alternatives regionales Eiweißfuttermittel selbst herstellen und auch verkosten. Zudem konnten die Besucher ihr Wissen in Sachen Regionalität und Saisonalität unter Beweis stellen. Bei einem Erntedank-Quiz waren alle Sinne gefordert. So mussten bspw. Kartoffeln, Maiskolben und Weizen blind erfühlt und Minze am Geruch erkannt werden. Mit von der Partie war auch das erste Soja aus eigener Ernte. Die Besucher staunten nicht schlecht über die regionalen Sojabohnen und zeigten großes Interesse an der Eiweißpflanzen Thematik.

***Katharina David***
*Ekologesch Landwirtschaftsberodung*



*Hoher Besuch auf dem Stand der ökologischen Landwirtschaftsberatung des „OekoZenter Pafendall" und der LJB&JW. Der interessierte Großherzog erkundigte sich über die gemeinsame Initiative im Hinblick auf eine nachhaltige Landwirtschaft in Luxemburg*



*Auch Gesundheitsminister Mars Di Bartolomeo zeigte großes Interesse am Projekt*

*Landjugend-Power-Aktioun 2012*

# Op en Neits op benevoler Basis am Asaz fir d'Allgemengheet

Während der 7. Editioun vun der Landjugend-Power-Aktioun hunn déi verschidde regional Gruppen vun der Lëtzebuerger Landjugend sech am September 2012 op en Neits an den Déngscht vun der Allgemengheet gesat. De Weekend vum 8.-9. September waren den „Zenter" zu Brouch, déi „Maacher" zu Berbuerg, déi „Furener" zu Duerscht an déi „Dikkricher" zu Ettelbréck um Dill.

De 15.-16. September war et dunn un deene „Cliärrwer", déi sech an der Gemeng Ëlwen engagéiert hunn. Hei hunn si de Pavillon frësch ugestrach. Dee Weekend dono gouf direkt nach eng Schëpp bäigeluecht an sech un engem Projet vu RESONORD zu Clierf bedee-




*Fir d'Landjugend Cliärref ass de Benevolat keen eidelt Wuert. No hirer Landjugend-Power-Aktioun waren si dee Weekend drop fir de RESONORD am Asaz*

legt. Während ville Stonnen hunn si Raim an Diren an der aler Crèche ugestrach. An dëst renovéiert Gebai komme spéiderhin e Buttek, eng Kleederstuff, eng Kichen, e Coiffer an en Openthaltsraum, déi mannerbemëttelte Matbierger zur Verfügung gestallt ginn.

Aus organisatoresche Grënn kommen d'Landjugendgruppen Süden an Uewersauer zu engem spéideren Zäitpunkt an den Asaz fir hir Landjugend-Power-Aktioun ze realiséieren. Fir de „Süden" ass viraussiichtlech e Méindeg, den 19. November 2012 zu Féitz eng gréisser Aktioun vun de Verantwortleche vun der Gemeng Monnerech geplangt. Der Landjugend Uewersauer hir Aktioun gouf an d'Fréijoer 2013 verluecht. Si mussen deemno nach e bësse Gedold opweisen, éier d'Gemengeverantwortlech vu Wooltz de Startschoss fir déi preparéiert Aarbechte ginn.



*Och vun der Landjugend Zenter gouf villes gefuerdert. Si kënne mat Stolz op déi geleeschten Aarbecht zréckblécken*



*Eng weider staark Equipe war zu Duerscht ugetrueden. No ville Stonnen Aarbecht konnt d'Landjugend Furen déi iwwerdeckte Grillplaz fir hir Bestëmmunge fräi ginn*


*Déi nei Equipe vun der Landjugend Dikkrech huet gewisse wat se drop huet. Mat vill Enthusiasmus huet si sech den Erausfuerderungen vun der Aktioun gestallt*

*Vill weider Fotoen vun der Aktioun 2012 ënner:*
*www.jongbaueren.lu*

## Dynamesch an engagéiert

Landjugend-Power-Aktioun ass am Joer 2000 eng éischte Kéier hei zu Lëtzebuerg duerchgefouert ginn. D'Grondiddi ass vum „Bund der Deutschen Landjugend" (BDL) iwwerholl ginn an un déi lëtzebuergesch Realitéiten ugepasst ginn. Si soll d'Fäegkeeten, den Dynamismus an d'Bereetschaft vun eiser Jugend, fir sech fir eng nëtzlech Saach anzesetzen, betounen.

Während der Aktioun, déi sech op 36 Stonne limitéiert, féieren d'Memberen aus de Landjugendgruppen eng gemeinschaftlech Aarbecht duerch, déi der lokaler Bevëlkerung am ländleche Milieu zegutt kënnt. D'Aufgab, déi de Grupp fir déi respektiv Gemeng realiséiert, gëtt am Virfeld vun de Gemengeverantwortleche geplangt a preparéiert. Si bleift allerdéngs bis dee leschte Moment geheim. Dat néidegt Material an Handwierksgeschir gëtt de Gruppe vun den technesche Servicer aus der Gemeng zur Verfügung gestallt. D'Aktioun gëtt an deene meeschte Fäll mat der Inauguratioun a Präsenz vun de Gemengenautoritéiten an aneren Invitéeën ofgeschloss.

## Mat Geschéck an Ausdauer

Fir d'Aktioun 2012 hunn sech déi Verantwortlech aus deene respektive Gemengen nees eng ganz Rei kniwweleg Aarbechten ausgeduecht. Sou hunn déi Jonk vun der Landjugend Zenter niewent der neier Spillplaz zu Brouch/Miersch e klenge Fussball-Terrain fir d'Grondschoulkanner amenagéiert. Ronderem den Terrain, deen am Virfeld vun de Gemengenaarbechter preparéiert gouf, ass eng Palisade gezammert an de Wues ausgerullt ginn. D'Equipe huet alles ginn, fir déi net kleng Aufgab mat Zäit ze meeschteren.

D'Landjugend Maacher war zu Berbuerg am Haaptmann's Schlass fir déi eeler Matbewunner vum Pflegeheim aktiv. Mat vill Enthousiamus huet de Grupp e Schotterwee ugeluecht an Hecken am neien therapeutesche Gaart geplanzt.

Och d'Landjugend Furen war déi béid Deeg iwwer voll gefuerdert. Si huet zu Duerscht am Park Housen niewent der aler Schoul eng iwwerdéckte Grillplaz mat vill Geschéck amenagéiert.

Datt d'Landjugend Dikkrich de gudden Drot zu deene Verantwortleche vun der Gemeng Ettelbréck pflegt, huet si mat hirem neien Engagement während der dësjäreger Aktioun ënner Bewäis gestallt. Wéi schonn am Joer 2010 huet déi jonk Equipe vun deenen „Dikkricher" och dëst Joer nees eng Hand am Fräizäitareal am Grondwee zu Ettelbréck mat ugepak. Hei gouf eng Terrass un e Chalet ugebaut.

*Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.sb.l.*

# Visite vun de Partner aus dem Süden

Fir eng nächst Etapp vum laangjärege Kooperatiounsprojet „Centre technique de l'amélioration de la traction asine“ (CTAA), deen de lokale Partner AMUS zënter Januar 2008 mat Hëllef vun eiser ONG zu Imasgo realiséiert, huet de Verwaltungsrot déi Verantwortlech fir verschidden Aarbechtssitzungen op Lëtzebuerg invitéiert. Vum 24.-29. September 2012 konnt mat den Hären Alfred OUEDRAOGO, Direkter vum CTAA, a Jean-Christophe YAMEOGO, Interimspresident vun AMUS, de Bilan vun der geleeschter Aarbecht gemaach an déi grouss Linnen fir déi kommend Jore festgeluecht ginn.





*Während intensiven Reuniounen goufen d'Objektiver vun der nächster zweejäreger Phase am klenge Krees vun deenen Verantwortlechen aus dem Süden a vun der ONG diskutéiert (lénks) an dem Verwaltungsrot vun der ONG presentéiert (riets)*



*Am Kader vun enger Entrevue am Lëtzebuerger Kooperatiounsministär gouf den Här Frank Mertens (r.a.B.) vun de Verantwortleche vum CTAA (2.v.l.: Jean-Christophe YAMEOGO) a vun der ONG (1.v.l: Jacqueline MONVILLE, Chargée de projets) iwwer déi weider Schrëtt vun der Zesummenaarbecht am Interessi vun de lokale Baueren am Burkina Faso an d'Bild gesat*

*Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.sb.l.*

# Aktioun „100 Kassine fir de Burkina Faso“

*Am Hibléck op d'Maximéierung vun den Erträg soll d'Aarbecht mat der Kassin fir vill  Produzente vum Plateau central am Burkina Faso erméiglecht ginn.*





*Mat dem richtegen Aarbechtsgeschir (lénks d'Kassin mat der Sous-Soleuse, riets de Kieler) an den optimiséierten Aarbechtsmethoden kënnen d'Erträg vun den einfache Baueren noweislech verbessert ginn*

Zënter Januar 2008 ënnerstëtzt d'ONG de lokale Partner Association Les Mains Unies du Sahel (AMUS) bei der Ëmsetzung vum Kooperatiounsprojet Centre Technique de l'Amélioration de la traction Asine (CTAA) zu Imasgo am Burkina Faso.

Bis Dezember 2012 goufe ronn 1.000 Baueren aus deene véier *Comités Villageois de Développement* (CVD) – Imasgo, Tiogo, Koalma a Sabouna – déi enk mam CTAA zesummeschaffen, am fachgerechten Ëmgang mam Iesel an dem Uspane vun der ***Kassin*** vu Moniteuren vum Zentrum ausgebilt.

Tatsächlech kënnt dem Iesel bei der Optiméierung vun der Aarbecht vun deenen

einfache Bauere vum Plateau central vum Burkina Faso eng maassgeeblech Roll zou. Mat Hëllef vum wichtege Schaffdéier an dem adaptéierten Aarbechtsgeschir – ***der Kassin*** – ass et dem Produzent méiglech, fir méi grouss landwirtschaftlech Flächen mat manner Ustrengung an Zäitopwand ze bestellen an noweislech gréisser Erträg op de Felder ze erwirtschaften.

D'Kassin, déi liicht ze handhaben ass, ass vun der franséischer Associatioun PROMMATA (Promotion du Machinisme Moderne Agricole à Traction Animale) entwéckelt ginn, fir deenen einfache Baueren d'Aarbecht um Feld ze erliichteren. Et ka vu lokale Schmätt hirgestallt ginn a schaaft deemno zousätzlech Aarbecht fir d'Handwierker um Land.

Allerdings ass de Basismodell (125 €) mat deem néidegen Trident (40 €) an dem Kieler (7,50 €) – wat en **Total vun 172,50 €** (~ 115.000 CFA) ausmécht – fir d'Produzenten schwéier ze bezuelen. Fir hinnen entgéint ze kommen, hunn déi Verantwortlech vum CTAA mat de *Comités Villageois de Développement* e Modell ausgeschafft, fir de Produzenten dëst Aarbechtsmaterial zur Locatioun unzebidden. De Baueren aus der Géigend vun deene véier Dierfer stinn deemno am Moment 9 Kassinen zur Verfügung, fir hir Plantatiounen unzeleeën.

Mat der ***Aktioun 100 Kassinen*** well d'ONG e weidere Schratt maachen, fir nach anere Produzenten d'Méiglechkeet ze bidden, fir op dat interessant Aarbechtgeschir zréckzegräifen. D'Material vun de Produzente vun Imasgo, Tiogo, Koalma a Sabouna soll op 20 Stéck eropgestockt ginn a weidere Bauerenorganisatiounen – déi Interessi un de Formatiounen vum CTAA gewisen hunn – soll d'Geleeënheet gebuede ginn, fir hire Memberen eng Kassin bei Bedarf zur Verfügung ze stellen.

**Am Numm vun de Concernéierte seet de Verwaltungsrot vun der ONG-D all deenen, déi d'Aktioun droen, elo schonn e ganz grousse MERCI!**

Wann Dir dës Aktioun – an deemno déi mannerbemëttelt Produzenten am Burkina Faso ënnerstëtze wëllt – kënnt Dir dat maachen mat engem Don op ee vun de Konte vun der ONG-D *Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.*

CCPL LU05 1111 0050 3083 0000
CCRA LU32 0090 0000 0157 8004

mam Vermierk:
***Aktioun „100 Kassine fir de Burkina Faso"***

(Är Done si steierlech ofsetzbar!)

**D'ONG Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l. an d'Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer – Zenter a.s.b.l.**

invitéiere ganz häerzlech op

# EN DAG VUN DER KOOPERATIOUN

*zugonschte vun den Entwécklungsprojeten vun de LJB & JW*



## e Sonndeg, den 11. November 2012 zu Rammerech

**Programm:**

10:30 Auer **Mass an der Kierch vu Rammerech**
Musikaleschen Encadrement duerch VOICEMOTION

uschléissend: am ***Centre Culturel***
8, rue du Nord

**Concert Apéro**
**Gesellegt Zesummesinn**
**Ausstellungsstänn**
**Weltbuttek**
**Bastelatelier fir Kanner**

12:30 Auer **Mëttegiessen**

*Menü :* *Paschtéit, gebootschte Gromperen, Iertsen a Muerten, 1 Taass Kaffi* *15,00 €*

*Kannermenü:* *Kannerportioun Paschtéit, gebootschte Gromperen, Iertsen a Muerten* *8,00 €*

*D'Umeldung fir d'Mëttegiessen ass bis de 5. November erwënscht um Tel.: 621 617 724 (Myriam BINCK)*

13:30 Auer **Virstellung vun den Aktivitéiten vun der ONG-D**
***Tombola, Kaffi a Kuch***

Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.

## Ënnerstëtzung vun der Kooperatiounsaarbecht an Afrika

Bei Geleeënheet vun hirer Sëlwer-Hochzäit hunn d'**Nicole & Bernard Lamborelle-Mousel** vu Kruuchten der ONG e generéisen Don fir d'Kooperatiounsaarbecht an Afrika zoukomme gelooss.

Och d'Famill **Triny & Jemp Mangen-Mehlen** vu Gréiwemaacher huet am Kader vun hirer Diamanten-Hochzäit e schéine Gest vu Solidaritéit mat der Landbevëlkerung an Afrika gemaach.

Deene béid Koppelen wënscht de Verwaltungsrot vun der ONG all Guddes an nach vill schéi Stonnen op hirem weidere Liewenswee.

Der Famill vum verstuerwenen Här **Eugène Weisen** vu Biergem dréckt de Verwaltungsrot vun der ONG säi chrëschtlecht Bäileed aus. Si huet an hirer déiwer Trauer duerch hire generéisen Don en Zeeche vun Hoffnung fir mannerbemëttelt Bauerefamilljen an Afrika gesat.